PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 03/09/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie, Wirtschaft & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Wéi RTL.lu an engem Artikel vun haut beriicht, gouf den éischten a Lëtzebuerg hiergestalltene Satellit an de Weltall geschoss. Dësen Exploit ass fir d'Wirtschaftsplaz Lëtzebuerg sécherlech een Erfolleg a fir d'Regierung sécherlech erfreelech, well d'Regierung sech am Koalitiounsaccord d'Förderung vum "secteur spatial luxembourgeois" virgehol huet. Allerdéngs sollt een dëse Wirtschaftszweig och aus dem Bléckwénkel vum Klimaschutz betruechten. Wann ee verschidden Ziffere vergläicht, da sinn d'Zäregaser, déi esou eng Rakéit beim Start ausstéisst, beträchtlech. D'Firma SpaceX gëtt zum Beispill un, datt eleng beim Start vun enger Rakéit ronn 336'500 Kilogramm CO2 ausgestouss ginn. Am Vergläich: een Dieselauto, deen 6 Liter op 100 Kilometer verbraucht, stéisst op 15'000 Kilometer – also ronn engem Joer Fueren – ronn 3'000 Kilogramm aus.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Gëtt den CO2-Ausstouss, dee beim Start vu Rakéiten, déi zu Lëtzebuerg entwéckelt an zesummegebaut ginn, an déi lëtzebuergesch CO2-Bilanz matagerechent?

2. Wéi gedenken d'Ministeren d'Förderung vu Weltraumprojeten, déi aktuell ouni fossil Energien net maachbar sinn, mat engem effikasse Klimaschutz an der Reduzéierung vun de CO2-Emissiounen ze verbannen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député